Plan national d'actions pour la préservation des insectes pollinisateurs

Contribution P25



Domaine : ☐ Actions publiques ☒ Actions privées ☒ Milieu agricole
☒ Elargir nos connaissances ☐ Prise de conscience

Ma contribution concerne … ☒ un projet en cours ☐ un projet en construction ☒ une idée de projet

Description

Zënter Joeren praffen ech méng eegen UebstBeem, a wann se grouss genuch sinn, ginn se geplanzt. Ech verschenken en Deel, déi aner planzen ech selwer, an hoffen esou eng Parti Leit fir den Uebstbau ze motivéieren. Méng Iddi ass awer e nationale Conservatoire vun Uebstsorten, wou dann aner Intressenten séch Gammen(Edelreiser) huele kéinten an esou al Zorten erhale bliwwe kéinten.

De quelle manière cette mesure aide-t-elle les insectes pollinisateurs ?

Duerch eng Panoplie vun verschiddenen Uebstzorten, déi bei der Bléi en enormen Potenzial fir Bestëpser hunn, géif d'Zortenvielfalt erhale bleiwen, Déi Friichten, déi doraus entstinn, kënnen duerno entweder vum Mënsch verwert ginn, oder awer einfach als Faluebst an der Natur bleiwen. Domat kéint ee gläich, pardon, 'e puer Mécken mat engem Schlag' kréien.

Quel(s) acteur(s) pour la mise en place ?

Privatleit, Uebstbaueren.

Je dispose déjà de ces moyens :

Kenntnëss vu Schnëtt- a Praffaarbechten, eng zimlech Sammlung vun Zorten.

Ce qui manque / ce dont j'ai besoin :

Weider Intressenten, Material (Ënnerlagen an Edelreiser), Plaz fir déi nei Planzen déi éischt Joeren grouss ze zillen.

Remarques supplémentaires :

Ech ginn zënter méi wéi 20 Joer Schnëttcoursen am Uebstbau, hu scho bal 7.500 Leit a ménge Coursen gehat a dëst wier e flotten Challenge fir mech.